Text: Pompjeesmusee "an der Géitz"

"Pompjeesmusée an der Géitzt"

Visite vun der Mme Taina Bofferding, Inneminister

Pompjeesmusée vum Lëtzebuerger Pompjeesverband.

POMPJEESMUSEE "AN DER GÉITZ".

Nodeems Gemeng Wooltz am Juli 2016 dem Exekutive Rot vum Pompjeesverband deen fréieren Pompjeesbau vun de Pompjeeën zu Nidderwooltz ugebueden huet zwecks Ariichtung vun engem Musée, ass am Abrëll 2017 ee Kontrakt fir Locatioun zum Präis vun 1 €/ Joer ënnerschriwwe ginn.

Am September war Gebai du geraumt an Federatioun huet de Schlëssel vum Gebai kritt. Opzeechnen an d'Opmoossen vum Gebai esou wéi Infoen iwert Mise en sécurité an Mise en conformité ass dunn vum Büro HBE duerchgefouert ginn. No de Gemengewahlen am Oktober 2017 huet den CEX eng Entrevue mam neie Schäfferot vun der Gemeng Wooltz ugefrot. No där Reunioun sinn de 16. Januar 2018 Sanéierungsaarbechten, déi mir selwer maache mussen, lassgaangen. Bis elo hu mir zu 3 ca 3500 Stonnen do geschafft. Di 1. Etage krut vu Schüler aus dem Nordstadlycee ee neie Look. A weider geet et. E flotte Projet.

Merci all de Partner a Sponsoren, déi dëse Projet mat begleeden. Di offiziell Ouverture mat Invitéeën ass de Samschdeg, 21. Mäerz 2020.

Ouverture fir de Public ass den 22. März 2020 vun 10:00 bis 18:00 Auer

Den 31. Juli hate mir heigen Besuch am zukünftige Pompjeesmusee vum Letzebuerger Pompjeesverband.

Mme Inneneminister Taina Bofferding, den Här Alain Becker vum Ministère, den Generaldirekter vum CGDIS Här Paul Schroeder, de Buergermeeschter vu Wooltz den Här Fränk Arndt mat Leit aus dem Gemengesekretariat waren sech Arbecht vun der Muséeséquipe surplace ukucke komm.

Et huet ons gefreet fir ee Feedback kritt ze hunn. Et war fir ons eng grouss Ei'er.